HAL

**HAPIMAG AMICALE LUXEMBOURG a.s.b.l.**
**www.hapilux.lu**

Letzebuerg, den 10. Abrel 2019

**Rapport vun der Generalversammlung 2019**

**Sonndes, de 7. Abrel 2019 um 14.30**

**am Park Hotel zu Dummeldeng**

D'Generalversammlung war erem an deer seit e puer Joer üblecher Form, kombinéiert mat engem Iessen. Um Iessen waren 57 Leit, ca 20 weiderer si fir d'Generalversammlung komm.

**Begrüssung durch den Präsidenten Jean-Claude Sinner**

**Tätigkeitsbericht über das vergangene Jahr durch den Sekretär ff**

De President begréisst d'Leit, déi un deser Generalversammlung deelhuelen. E begréist besonnesch déi 2 Vertrieder vun der Hapimag, d'Madame Christine Weber an den Här Baha Jamous, déi am Laf vun der Generalversammlung d'Wuert ergreifen an déi och schons beim Aperitif de Memberen fir individuell Froen zur Verfügung stongen.

Den Ordre du jour gouf ugeholl.

Well de President och Sekretär ff ass, leet hien direkt zum Tätegkeetsbericht iwer.

- D'Generalversammlung 2018 war de 25. März 2018 mat ronn 75 Leit.
- De Comité war 3 mol beiené komm.
- De Präsident huet un der Generalversammlung vun der HAPIMAG de 25. Abrel 2018 délgeholl.
- D'Rees war vum 1. bis 10. Juni op St. Michael, geleet vum Roland Weber a Jempi Nies.
- Et gouf zwou Entrevue'e mat der Spetz vun der Hapimag.

D'Posteverdeelung 2018 war déi hei:

- Jean-Claude Sinner — President a Sekretär ff
- Raymond Kauffmann — Vize-President
- Josy Hienckes — Keessier
- Roland Weber — fir d'Punkten an fir d'Reesen zoustänneg
- Guy Reichert — fir d'Vermettlung vun Aktien zoustänneg
- Jempi Nies — mam Roland fir d'Reesen zoustänneg
- Carlo Schwachtgen — Webmaster vun der HAL-homepage www.hapilux.lu
- Fernand Blum — Member vum Comité
- Edy Schenten — Member vum Comité

D'HAL feiert dëst Joer hiert 50jähregt Bestehen. Dat soll den 22. September (Sonndes) mat enger Fahrt op der Marie-Astrid gefeiert ginn vu Grevemacher op Réimech. De Programm kréien d'Memberen an Juni zougescheckt. D'HAL wäert Busverbindungen aus der Stad organiséieren. D'Präsenz vum President vun der Hapimag, dem Här Fontana oder dem CEO, dem Här Kadbi ass ugefrot.

## Bericht des Kassenwarts - Josy Hiënckes

Den HAL-Keessier dréit de Keessebericht fir.

D'Geschäftsjoer 2018 schléisst mat enger Perte vun 4.716,24 € of (2017 war et eng Perte vun 518,06 €). Dozou ass ze soen, dat de Wäert vun der Aktie, déi d'HAL huet, vu bis elo 4.000 € op 1500 € corrigéirert geet, wat schon eleng méi ewéi d'Halschend vun der Perte ausmecht. Och leet de Verein bei der Generalversammlung bei.

Um 31.12.2017 war d'Gesamtverméige vun der HAL asbl 57.324.50 €. Do ass de Wäert vun eiser Aktie a vum Stock vun de Punkten abegraff, niewt dem Geldverméige vun 42.670,97 €.

D'Konte vun der Rees si bis op 173 € opgangen. D'Versammlung huet den Organisateure vun der Rees fir hir gudd Finanzgestioun applaudéiert.

Suerge mecht d'Zuel vun de Memberen, déi dauernd zreckgét.

## Bericht der Kassenrevisoren und Entlastung des Kassenwarts

Well ké vun de Keeserevisoren do konnt sinn, huet de Präsident hire Message virgelies: Si bestätegen d'korrekt Keesseféierung an d'korrekt Zuelen a proposéiert t'Entlaaschtung vum Keessier. Si felicitéieren dm Keesier seng kompetent Aarbecht.

De Keessier get per Akklamatioun entlaascht.

## Entlastung des Vorstands

Och de Comité als Ganzt kritt per Akklamatioun d'Entlaaschtung.

## Bestimmen der Kassenrevisoren für das Jahr 2019

Den Här Conter an den Här Heiderscheid goufen an hirer Charge bestätegt.

## Teilerneuerung des Vorstands: Austretende und wieder wählbare Mitglieder sind:

De Fernand Blum wëllt net méi an de Comité kommen. De President seet him fir säi langjähregen Engagement Merci, de Fernand huet eng Rei Joeren d'Rees guidéiert.

Erem gewilt goufen: Jos Hienckes, Raymond Kauffmann, Carlo Schwachtgen, Roland Weber. Et war keng nei Kandidatur fir de Comité komm.

De Comité verdeelt an senger nächster Setzung d'Chargen.

**Bericht über den Punkteankauf und -verkauf - Roland Weber**

**Bericht über den Altaktienkauf und -verkauf - Guy Reichert**

Am Joer 2018 huet d'HAL 4.674 Punkte vun de Memberen opkaaf, an 3.577 verkaaf. De Stock ass am Enn vum Exercice 2.363 Punkten, dovun verfaalen déi meescht am Abrel 2020. E gréisseren Dél dovu geet fir d'Rees 2019 opgebraucht.

Bei den Aktie gouf et keng Transaktioun.

**HAL-Reise nach St. Michael (04-14 Juni 2019)**

De Roland Weber an de Jean-Pierre Nies, déi Guide sin op eise Reesen, hun de leschte Stand vun de Virbereedungen matgedeelt.

Wiwill Leit, ass eppes extraes ze soen?

**Bericht zu den Beziehungen zur HAPIMAG**

De President vun der HAL wärt och dest Joer nees un der Generalversammlung vun der Hapimag zu Baar, de 26. Abrel deelhuelen. Vill Memberen hunn him eng Prokuratioun zoukommen gelooss. Dest Joer sinn d'Aktionärsvereenegungen opgeruff, am Ufank vun der Debatte e generelle Statement ofzeginn.

De President, de Raymond Kauffmann an de Jempy Nies waren de 5. November op eng Entrevue mat dem CEO, dem Här Kadbi an den neie Siège vun der Hapimag zu Steinhausen invitéiert. D'Direktioun huet sech ganz allgemeng eis Meenung zu deenen neie Buchungsbestemmungen an och zu aneren Themen, déi den Aktionnärten uewe leien, ugehéiert. Un déer Reunioun hunn och verschidde Leit délgeholl, mat deenen d'HAL d'ganz Joer telephonesch am Kontakt stét.

De President hat de 26. November eng Reunioun mam President vun der Hapimag, dem Här Fontana, a mam Här Schalch, Member vum Verwaltungsrot fir iwwert t'Organisatioun an dem Fonctionnement vun dem neie Geschäftsprüfungsbeirat ze schwätzen.

**Vortrag eines Vertreters der Hapimag zum neuen Buchungssystem**

D'Madame Christine Weber an den Här Jamous hunn déi nei Bestemmungen vum Buchungssystem erklärt. Si sinn och op verschidden Themen agangen, déi der Hapimag sollen en neien Elan ginn an t'Geschäftsresultat verbesseren.

Fir de Moment ass keng nei Anlage an der Planung, d'Prioritéit leit op der Renovatioun vun Anlagen, déi an t'Joere komm sinn. D'Fremdvermietung an Dritte, wann d'Anlage net mat Memberen ausgelaascht ass, bréngt bal 10% vun de Recetten an der C+D-Saison. Et soll

eng Form vu Probe-Mitgliedschaft agefouert ginn. D'Ziel ass eng besser Auslaaschtung vun den Anlagen an der C+D-Saison. D'Nebensaisonpunkte sollen tendenziell verschwannen.

**Freie Aussprache und Verschiedenes**

An der Aussprooch gouf ënner anerem bemängelt, dat d'Lokale Kostenbeiträge ze héich sinn.

Zum Schluss gett t'Punktentombola ausgespillt: 6x 10 (nei) Punkten. Des sinn déi Punkten, déi d'Aktie vun der HAL abrengt.

De President a Sekretär ff

Jean-Claude Sinner